

Lëtzebuerg, de 16.03.2021

Communiqué

D'Pirate bedauern zudéifst, dass d'kathoulesch Kierch mat hirer *Responsum ad dubium* vun der Kongregatioun fir Glawensléier iwwert d'Seene vu Verbindungen tëscht Persoune vum selwechte Geschlecht just nach emol ënnerstrach huet, awéifern en dogmatesche Glawen d'Siicht verzerre kann. "Er [Gott] segnet nicht die Sünde" heescht et aus dem Vatikan. Mee, besteet d'Sënn wierklech doran ee gären ze hunn ganz onofhängeg vu sengem Geschlecht, oder villäicht villméi doran, sech unzemoossen ze wëssen, wat genee de göttleche Plang ass, an dofir aner Mënschen auszegrenzen?

De Vatikan huet an enger Erklärung festgehalten, dass gläichgeschlechtlech Koppelen net dierfte geseent ginn. An de vergaangene Joren, hunn ëmmer méi Kierche probéiert och homosexuell Koppelen an hirer Glawensgemeinschaft opzehuelen an duerch e kierchlecht Ritual wäert ze schätzen. Dat huet awer d'Fro opgeworf, op d'Seene vu gläichgeschlechtliche Koppelen an der kathoulescher Kierch, déi traditionell jo d'Partnerschaft ëmmer nach als eng Verbindung tëscht Mann a Fra, mam Zil Kanner ze kréien, versteet, iwwerhaupt erlaabt wier. De Vatikan huet sech mat der Fro befaasst an eng kloer Äntwert fonnt: Nee.

Konkret heescht et an der Erklärung:

Zur den *Sakramentalien* gehören *Segnungen*, mit denen die Kirche „die Menschen aufruft, Gott zu preisen, sie auffordert, seinen Schutz zu erbitten und sie ermahnt, sich seiner Barmherzigkeit mit der Heiligkeit des Lebens würdig zu erweisen“. Darüber hinaus sind „sie in einer gewissen Nachahmung der Sakramente eingesetzt und beziehen sich immer und hauptsächlich auf geistliche Wirkungen, die sie kraft der Fürbitte der Kirche erlangen“.

Um der Natur der Sakramentalien zu entsprechen, ist es deshalb erforderlich, dass, wenn über einige menschliche Beziehungen ein Segen herabgerufen wird, abgesehen von der rechten Absicht derjenigen, die daran teilnehmen, die zu



segnende Wirklichkeit objektiv und positiv darauf hingeordnet ist, die Gnade zu empfangen und auszudrücken, und zwar im Dienst der Pläne Gottes, die in die Schöpfung eingeschrieben und von Christus dem Herrn vollständig offenbart sind. Mit dem Wesen der von der Kirche erteilten Segnung ist daher nur vereinbar, was an sich darauf hingeordnet ist, diesen Plänen zu dienen.

Aus diesem Grund ist es nicht erlaubt, Beziehungen oder selbst stabilen Partnerschaften einen Segen zu erteilen, die eine sexuelle Praxis außerhalb der Ehe (das heißt außerhalb einer unauflösbaren Verbindung eines Mannes und einer Frau, die an sich für die Lebensweitergabe offen ist) einschließen, wie dies bei Verbindungen von Personen gleichen Geschlechts der Fall ist. Das Vorhandensein positiver Elemente – die in sich betrachtet dennoch zu schätzen und hervorzuheben sind – in solchen Beziehungen ist trotzdem nicht in der Lage, diese zu rechtfertigen und sie daher rechtmäßig zum Gegenstand einer kirchlichen Segnung zu machen, weil diese Elemente im Dienst einer Verbindung stehen, die nicht auf den Plan des Schöpfers hingeordnet ist.

D'Pirate respektéieren an ënnerstëtzen d'Reliounsfräiheet, wëllen an dësem Kontext awer d'Fro opwerfen, ob hei net ënnert dem Deckmantel vun der Fräiheet vun der Relioun probéiert gëtt, en veraltet Weltbild oprecht ze erhalen, wat virun allem op patriarchale Strukturen, heteronormative Wäerter an enger liewensfeindlecher Sexualmoral baséiert.

Innerhalb vun der kathoulescher Kierch hunn sech an de vergaangene Joren ëmmer méi Stëmme zu Wuert gemellt, déi Weeër wollten opweisen, fir d'Kierch an d'21. Joerhonnert ze iwwerféieren. D'Pirate bedauern, dass de Vatikan sech zum aktuellen Zäitpunkt engem Renouveau aus dogmatische Grënn verschléisst an d'Sënn éischer bei homosexuelle Koppele wéi am eegenen Denken an Handeln erkenne wëll.

